Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
30 JAN. 2020
1795

Lëtzebuerg, den 30te Januar 2020

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Bildungsminister weiderzeleeden.**

Enn 2019 sinn an der nationaler esou wéi internationaler Presse eng Rei skandaléis Artikelen iwwert den Zoo zu Amnéville publizéiert ginn ("Zoo von Amnéville auf der Anklagebank" aus dem Lëtzebuerger Wort vum 04/12/2019 oder "Animaux morts enterrés, déversement d'eaux usées, listenoire... Un zoo de l'horreur à Amnéville" aus der franséischer Zeitung La Dépêche du Midi). Aus besootenen Artikele geet ervir, dass am amnéviller Zoo eng Rëtsch illegal Aktivitéite solle stattfonnt hunn, woubäi virun allem d'Wuel vun den Déiere mëssuecht ginn ass. Ex-Mataarbechter schwätzen dovunner, dass Déiere wéinst Feelere bei der Anästhesie gestuerwe sinn an, dass Déierekadaveren heemlech begruewen oder am Ofwaasser entsuergt goufen.

**An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:**

1. Här Educatiounsminister, goufen an de leschte Joren Ausflich vu Schoulklassen an den Zoo vun Amnéville gemaach? Goufen dës Ausflich vum Ministère an/oder vun de Schoule selwer bezuelt?
2. Wäerten och dëst Joer Ausflich an den amnéviller Zoo vum Ministère accordéiert an eventuell finanziell bezouschosst ginn?
3. Wéi eng Positioun vertrëtt d'Regierung géigeniwwer Strukturen, déi Déiere fir Ënnerhalungszwecker, gefaangen halen?
4. Ass fir d'Regierung de Besuch vun Zooen an Delfinarien mam Déiereschutz vereenbar?
5. Ass fir d'Regierung de Besuch vun engem Zirkus mam Déiereschutz vereenbar?

Mat déiwem Respekt,

Marc GOERGEN
Députéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 1795 vum honorabelen Här Deputéierte Marc Goergen**

A senger Fro bezitt den honorabelen Deputéierten sech op eng Rei vun Artikelen iwwert den Zoo vun Amnéville. Et sief virausgeschéckt, datt fir de Fall, wou dësen Zoo sech net un déi besteeënd Reglementatiounen a punkto Déierenhaltung sollt gehalen hunn, et an de Kompetenze vun de franséischen Autoritéite läit, fir déi néideg Schrëtt ze ënnerhuelen a méiglech illegal Aktivitéiten ze ënnerbannen.

An de leschte Jore goufen et sécher vereenzelt Schoulklassen, déi eng Sortie an den Zoo vun Amnéville gemaach hunn. Allerdéngs gëtt op Säite vu mengem Ministère net Buch gefouert iwwert d'Ausflich vun de Schoulklassen. Och d'Autorisatioun an de Finanzement vu Klassereese fält net an den Zoustännegkeetsberäich vu mengem Ministère.

Wat de Fondamental betrëfft, sou mussen Ausflich, déi am Aklang mat den Objektiver vum Lëtzebuerger Plan d'études stinn, net extra autoriséiert ginn. D'Schoule sinn allerdéngs obligéiert, d'Direktiounen an d'Gemengen iwwert pedagogesch Sortien ze informéieren. De Finanzement vun de pedagogesche Sortië vun de Grondschoulklasse gëtt vun de Gemengen assuréiert, wann d'Schoulklassen net op déi pedagogesch Offer, déi vu menge Servicer ugebuede respektiv ënnerstëtzt gëtt, zeréckgräifen.

Am Secondaire ginn d'Schoulreese vun de jeeweilegen Direktiounen autoriséiert; och de Finanzement gëtt um Niveau vum eenzelne Lycée organiséiert.

An éischter Linn soll d'Léierpersonal pedagogesch Sortien ënnerhuelen, déi an Aklang sti mat den Objektiver vum Plan d'études vum Enseignement fondamental respektiv de Programmer vum Enseignement secondaire. Um Gebitt vun de Strukturen, déi Déieren halen, ginn et eng sëllechen Offeren, déi sech spezifesch u Schoulklasse riichten. Et ginn Aktivitéiten ugebueden, déi et de Schüler sollen erméiglechen, d'Déieren kennen ze léieren an och ee responsabelen Ëmgang mat dësen ze férderen. Et ass aus pedagogescher Siicht duerchaus sënnvoll, sech net eleng op d'Schoulmaterial ze beschränken, mä de Kanner d'Méiglechkeet ze ginn, direkt Erfarungen zum Beispill op engem pedagogesche Bauerenhaff oder an engem Déierepark ze sammelen.

Mäi Ministère ënnerstëtzt verschidden Initiative wéi zum Beispill d'Haus vun der Natur oder d'"Ecole Nature Lasauvage", déi pedagogesch Offeren ausgeschafft hunn, déi sech geziilt u Kanner aus de Lëtzebuerger Grondschoule riichten. Dobäi kommen natierlech nach déi sëlleche pedagogesch Projeten, déi de SCRIPT ënnerstëtzt an am Kader vun deenen och Sortien ugebuede ginn.